



Wa mer awer besonnesch d'Grenzgänger, mä net nëmme si, iwwerzeege wëllen, dëst modernt öffentlecht Transportmëttel méi intensiv ze notzen, brauche mer och onbedéngt weider Opfaangparkinge ronderëm d'Garen, wéi zum Beispill zu Rodange, a besonnesch adequat Transportmëttel, wéi zum Beispill den Tram, deen d'Verbindung zwëschen der Stater Gare an den Aarbechtsplazen an der Uewerstad, um Kierchbierg an esou weider garantéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert mech am nächste Joer besonnesch an d'Theme vun deene Kommissiounen abréngen, déi meng Fraktioun mir zougewisen huet. Ech wäert och net zrückschrecken, mech an nei Dossierien anzeschaffen, well eng nei Aufgab, en neien Défi jo grad säi Reiz doranner huet, nei Gebidder, an dësem Fall nei politesch Fel-der, kennenzeléieren.

Ech freeë mech op jidde Fall op eng gutt Ze-summenaarbecht mat allen Deputéierten, egal wat fir enger politescher Partei si ugehéieren.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Mel-lina Merci.

8. Changement de composition des organes de la Chambre des Députés

1) Composition du Bureau

Nom Départ vum Här Marc Spautz an d'Regie-rung ass d'Chamber opgeruff, en neie Member fir de Bureau ze designéieren. D'CSV-Fraktioun proposéiert, den Här Marc Spautz duerch den Här Gilles Roth ze ersetzen.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

2) Composition de la Conférence des Présidents

An hirem Bréif vum 3. Mee 2013 huet d'CSV-Fraktioun matgedeelt, datt den Här Gilles Roth d'Fonctioun vum Fraktiouns-president vum Här Marc Spautz iwwerhëlt.

9. Changements de composition des commissions parlementaires et des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Mat där neier Zesummesetzung vun der CSV-Fraktioun gëtt et och eng Rei Annerungen an de Kommissiounen an an den internationalen Delegatiounen. An hirem Bréif vum 14. Mee proposéiert d'CSV-Fraktioun folgend Ofänne-rungen:

An der Commission des Comptes ersetzt den Här Pierre Mellina den Här Gilles Roth;

an der Commission du Contrôle parlementaire du Service de Renseignement de l'État ersetzt den Här Gilles Roth den Här Marc Spautz;

an der Commission d'enquête sur le Service du Renseignement de l'État ersetzt den Här Léon Gloden den Här Marc Spautz;

an der Commission des Affaires intérieures, de la Grande région et de la Police ersetzt den Här Pierre Mellina den Här Gilles Roth;

an der Commission des Classes moyennes et du Tourisme ersetzt den Här Raymond Weydert den Här Marc Spautz;

an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire ersetzt den Här Pierre Mellina den Här Marc Spautz;

an der Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports ersetzt den Här Pierre Mellina den Här Gilles Roth fir d'Voleten Éducation nationale a Forma-tion professionnelle;

an der Commission des Finances et du Budget ersetzt den Här Marc Lies den Här Marc Spautz;

an an der Commission de la Santé et de la Sé-curité sociale ersetzt d'Madame Nancy Arendt den Här Marc Spautz.

An der Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe ersetzt d'Madame Martine Mergen den Här Marc Spautz als Membre suppléant;

an der Assemblée parlementaire de l'Organisa-tion pour la Sécurité et la Coopération en Eu-rope ersetzt den Här Pierre Mellina den Här Gilles Roth als Membre suppléant;

an an der Union parlementaire ersetzt den Här Gilles Roth den Här Marc Spautz.

Ass d'Chamber mat dësen Ofännerungen, wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen an de parlamentareschen De-legatiounen ugeet, averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Eisen éischte Projet de loi vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 6467, eng Ofännerung iwwert de Congé parental. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: den Här Berger, d'Madame Dall'Agnol, d'Madame Lorsché, den Här Kartheiser an den Här Henckes.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

10. 6467 - Projet de loi portant modification

- du Code du Travail

- de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État et

- de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Congé parental ass zu Lëtzebuerg agefouert ginn duerch d'Gesetz vum 12. Februar 1999. Domat huet eist Land d'Direktiv N°96/34 vun der Europäescher Gemeinschaft ëmgësat. Déi Direktiv, wat e bëssen aussergewéinlech ass, war zustane komm duerch een Accord vun de Gewerkschaften an dem Patronat op europä-eschem Plang.

Am Joer 2010 hunn déiselwecht Sozialpartner en Accord ofgeschloss, fir de Congé parental ze verbessern an och zum Deel nei ofzeänneren. Dësen Accord ass den Objet vun der Direktiv 2010/18 vun der Gemeinschaft, déi duerch deen heite Projet, dee mer haut diskutéieren, de Projet 6467, zu Lëtzebuerg ëmgësat soll ginn.

Well Lëtzebuerg duerch d'Gesetz vum 12. Fe-bruar 1999 iwwert d'Virschreften vun der Direk-tiv erausgangen ass, hate mer zu Lëtzebuerg e Congé parental, dee wesentlech méi favorabel war, wéi dat an där deemoleger Direktiv virgesi war a wéi dat och haut nach virgesinn ass. Do-fir ginn duerch dee Projet, dee mer haut disku-téieren an ofstëmmen, eigentlech nëmmen zwou Bestëmmunge vum Congé parental ofgeännert.

Éischstens, de Congé parental gëtt fir deen Elte-rendeel, deen den normale Congé parental net ka kréie vu sechs Méint, well en eenzel Bedin-gunge vum Gesetz net erfüllt, dee Congé pa-rental gëtt vun dräi op véier Méint eropgesat. Dee Congé gëtt also accordéiert, wann een den normale Congé parental net ka kréien, well een d'Bedingungen net erfüllt. Dee Congé vu véier Méint, wéi en elo virgesinn ass, gëtt och keen Urecht op eng Indemnisiatioun. E gëtt Urecht op de Congé, ouni dass dofir eng Ent-schiedegung bezuelt gëtt. Dësen net indemni-séierte Congé parental vu véier Méint ass eigentlech eng Ausnahmeregelung. An et ass och seelen, dass en zu Lëtzebuerg accordéiert gëtt, obscho mer iwwert déi do Fäll keng ge-nee Statistike virleien hunn.

Eng zweet Moosnam, déi de Projet virgesäit, ass, dass de Salarié, deen nom Congé parental erëm seng Aarbecht wëllt ufänken, d'Recht kritt, beim Patron a Gespréich ze froen, fir mam Patron iwwert d'Aarbechtszäit oder iwwert den Aarbechtsrhythmus ze diskutéieren an eventuell nom Wonsch vum Salarié eng Ofännerung vun där Aarbechtszäit kënnen ze kréien.

De Patron muss d'accord si mat deem Ge-spréich. E muss also dem Salarié en Entretien accordéieren. De Patron ass awer net gehalen, mat de Virschlë vum Salarié, wat deem seng Virstellungen iwwert d'Aarbechtszäit oder den Aarbechtsrhythmus ugeet, d'accord ze sinn. Wann de Patron déi Ofännerung vun der Aar-bechtszäit refuséiert, muss en dee Refus moti-véieren. Wann de Patron dat Gespréich net ac-cordéiert oder wann e refuséiert, eng motivéiert Äntwert ze ginn, dann huet de Salarié e Recht op Schuedensersaz, deen en dee Moment beim Gericht kann akloen.

Den Text gesäit an där doter Hisiicht keng For-malitéite vir. D'Gespréich kann also och mënd-lech ugefouert ginn. An et sinn och keng Délai-e virgesinn. D'Kommissioun huet dat e puermol diskutéiert. A mir ware schlussendlech der Mee-nung, dass ee beim Text vun der Regierung soll bleiwen, deen déi Formalitéiten net virgesinn huet. Dat gëtt eng Vereinfachung. Et erméig-lecht och, dass à tout moment de Salarié an de Patron sech d'accord kënnen erklären, zu deem Gespréich ze kommen. Et sinn och keng Délai-e virgesinn. Allerdéngs, well de Patron eng moti-véiert Äntwert muss ginn op d'Ufro vum Sala-rié, ass et ubruecht, wann et zu enger Gerichts-

affär géif kommen, dass de Patron déi Äntwert do schrëftlech gëtt, well et schwiereg gëtt bei enger mëndlecher motivéierter Äntwert, ee Prozess gegebenenfalls iwwer Schuedensersaz ze féieren.

Déi nei Bestëmmunge betreffen d'Salariéen aus dem Privatsecteur, si betreffen och déi vum Stat a si betreffen d'Leit, déi bei de Gemenge schaf-fen. Dofir muss souwuel de Code du Travail wéi och d'Gesetz iwwert de Statut vun de Statsbeamten a vun de Gemengebeamten ofgeännert ginn.

Wéi mer aus den Avisé vun de Beruffschambere kënnen liesen, sinn d'Sozialpartner mat deenen neie Bestëmmungen, esou wéi se hei virleie beim Congé parental, d'accord. D'Familljen- an d'Chancëgläichheetskommisioun huet mat enger grousser Majoritéit och hiren Accord zu deem Text ginn, esou wéi en no de Kritike vum Conseil d'État amendéiert ginn ass. Ech bieden dofir och d'Chamber, den Accord zu deem Text ze ginn, esou wéi d'Kommissioun lech dat pro-poséiert huet.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Paul-Henri Meyers. An als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här Pre-sident. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt och dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport, hei handelt et sech ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv, wou hien elo d'Detailer erkläert huet. Ech wëllt just eng Bemierkung respektiv eng Reflexioun hei zu deem Projet de loi maachen, dat ass: Mir hunn eigentlech elo d'Gesetz vum Congé parental säit 1999. Deemools ass dat am Kader vun deene sougenannten „PAN-Ge-setzer“ gemaach ginn. An et wier jo awer vläicht gutt gewiescht, no esou vill Joren och eng Kéier, besonnesch elo, wou een dat Gesetz modifizéiert, e Bilan ze maache respektiv eng Kéier ze analyséieren, wat dat Gesetz vun dee-mools bruecht huet.

Well ech wëll drun erënneren - esou hunn ech et emol an Erënnerung, an et war jo am Kader vun de PAN-Gesetzer -, datt et eigentlech jo als aarbechtspolitesch Mesure geduecht war, dat heescht, datt doduerjer och sollten nei Aar-bechtsplaze kreéiert gi respektiv et sollt Méig-lechkeete gi fir Leit, jonk zum Beispill, an den Aarbechtsprozess eranzekommen, éischt Expe-rienzen ze sammelen.

Et wier interessant gewiescht, wann een do emol eng Kéier Zuele gehat hätt, wann een do Analyse gehat hätt, ob dat da wierklech, dat Zil, wat also deemools dat Gesetz hat, ob dat erreecht gi wier. Zum Beispill, et gesäit ee jo och - an dat huet eben dat Ganzt mat sech bruecht; dat ass esou e bësse mäi Gefill, mä net nëmme mäi Gefill -, datt am Endeffekt de Congé parental éischer eng familljepolitesch Mesure war. An haut sëtzt jo och op der Regie-rungsbänk eigentlech net den Aarbechtsminis-ter, mä just den neie Familljeminister.

An och do, wann ee seet: „Okay, da si mer an engem anere Schema. Et ass méi eng Mesure fir ze kucken, Beruff a Famill mateneen ze ver-bannen“, och do kéint een dann, wann een et aus deem Bléckwénkel géif kucken, eng Kéier e Bilan maachen a soen: Wat ass gutt dru gewiescht? Wat kéint ee verbessern? Beson-nesch och ënnert deem Bléckwénkel vu fa-milljepolitescher Mesure kéinte mir eis als DP eng ganz Rei aner Saachen oder nach aner Ele-menter do virstellen, déi mer och an eiem Wahlprogramm schonn haten, ënner anerem, datt een dat dann och kéint méi flexibel gestal-ten.

Bon, bref, einfach fir ze soen, et wier sënnvoll! Ech hunn elo keng Motioun préparéiert. Ech wëll och elo net deen neie Familljeminister res-pektiv den Aarbechtsminister do elo hei iwwer-rasche mat enger Motioun an em nach nei Hausaufgabe mat op de Wee ginn. Neen, et wier awer sënnvoll, wa mer eis géifen eng Kéier als Chamber - respektiv och déi zoustänneg Mi-nistèren an Zukunft eng Kéier - déi Zäit huelen oder och déi Aarbecht an Ugrëff huelen, fir emol eng Kéier en detailléierte Bilan ze maa-chen an opgrond vun deene Bilane vläicht dann och an Zukunft nach déi eng oder déi aner Modifikatiounen do virzehuelen.

Dat gesot, géif ech awer den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi, well dat, wéi gesot, eng Ëmsetzung vun enger Direktiv ass, abréngen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Berger. An d'Wuert kritt d'Madame Dall'Agnol.

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, de Projet de loi iwwert de Congé parental, dee mer elo gläich wäerte stëmmen, deen ännert jo fir d'Leit hei zu Lëtze-buerg nëmme relativ kleng Detailer. Well wéi

mer alleguerte wëssen, hu mir jo méi grousszü-geg Bestëmmungen, wéi dat an där neier euro-päescher Direktiv virgeschriwwen ass.

Déi nei Direktiv an och d'Adaptatiounen vun deem bestoende Gesetz, mengen ech, do ass de Rapporteur drop agaangen. Dofir kommen ech net méi dorop zrëck. Och wat den aar-bechtsspezifische Volet vum Congé parental ubelaangt, ass mäi Virriedner drop agaangen, dofir kann ech mer dat och spueren. Ech schlësse mech einfach deem un, wat hie sot.

Dofir wëllt ech dann awer nach vun der Ge-leeeënheet profitéieren, fir nach eng Kéier meng Iwwerzeegung auszedecken, datt dee Congé parental eng richteg an awer och eng wichteg Mesure ass, fir ze hëllefen, Famill a Beruffsliewen ënner een Hutt ze bréngen. An ech wëll dat nach eng Kéier wierklech hei be-tounen, well mir brezten eis jo och gären do-baussen domadder, datt mer esou grousszü-geg Bestëmmungen hunn. An an eiser Roll als Musterschüler, do gefale mer eis ganz dacks ganz gutt, mä wann dann awer bis soll uge-faange ginn ze spueren, da komme relativ schnell Tendenzen op, fir an der Familljepolitik respektiv och beim Congé parental beson-nesch ze kierzen.

Déi Tendenzen do, där gouf et an de leschte Jore genuch. Dofir wär et, mengen ech, och un der Zäit, fir sech iwwert déi Tendenzen do Ge-danken ze maachen. An ech halen et do mat dem Här Spautz senger Virgängerin, der Ma-dame Jacobs, déi viru ronn fënnf Joer sot, eng Kierzung vum Congé parental - an ech zitée-ren - „wä e gewaltege Réckschlag“. E gewal-tege Réckschlag wär et net nëmme fir d'Kan-ner, mä och fir d'Mammen a virun allem och fir d'Pappen, well et awer trotzdem eng intensiv Zäit ass, bei där een d'Geleeënheet huet, eng enk Relatioun mat senge Kanner opzebauen. An do kann een herno weider als Elteren drop bauen.

Ze bemerken ass awer och - an dat deet mer e bësse leed -, datt nach ëmmer zum allergréiss-ten Deel d'Fraen dëse Congé parental huelen. Am Exposé des motifs, do geet dovunner Rieds, datt et ronn dräi Véirel Frae sinn an nëmmen ee Véirel Männer. An och wann den Undeel vun de Männer staark geklommen ass zënter der Aféierung vum Congé parental '99, esou ass et awer schued fir déi Männer, déi vun dë-ser Mesure net profitéieren. Et ass awer net nëmme schued fir si, mä et ass virun allem och schued fir hir Kanner.

An ech mengen, datt et och de Frae schuet. Firwat? Virum Hannergrond vun deenen Zue-len, déi ech lech elo just genannt hunn, kéint de Congé parental kontraproduktiv si fir Fraen. Well wann e Patron eng jonk Fra astellt, da muss en domadder rechnen, datt déi Fra Kanner kritt an datt se eventuell net nëmmen hire Congé de maternité hëlt, mä och nach vläicht de Congé parental drunhänkt. An d'Fro ass eben, ob an deem Sënn Fraen net benodee-legt ginn um Aarbechtsmarché, wann de Pa-tron dat doten alles am Hannerkapp huet.

Et wär dann och menger Meenung no wichteg ze wëssen, firwat d'Männer nach ëmmer esou retizent sinn, fir vum Congé parental ze profi-téieren. Bon, ee Grond kann natierlech sinn, datt et vum Patron vläicht net gär gesinn ass. En aneren ass awer och vläicht deen, datt, wann ee Congé parental hëlt, dat finanziell kann e grousst Lach an d'Keess vun engem Stot räissen.

Ech mengen, Dir wësst, datt et fir Leit, déi no beim Mindestloun verdéngen, ganz dacks gutt ass, wa se Congé parental huelen, well se do-mat eventuell méi verdéngen, wéi wa se de Congé parental net géifen huelen. Mä bei anere Leit, déi wäit doriwwer lafen, do kënt et dann awer ganz gären zu finanziellen Engpäss. Et misst ee vläicht iwwerleeën, ob et net inter-essant ass, sech zum Beispill u Schweden ze orientéieren, wou et net e feste Montant ass, deen et als Indemnitéit gëtt, mä wou et e Pour-centage vun engem Salaira ass, deen natierlech awer eng iewescht Grenz huet.

Ech weess, datt et sécherlech net dee richtege Moment ass, fir hei méi héich Leeschtungen ze fuerderen, mä ech denken awer, datt et der-wäert ass sech e puer Gedanken iwwert déi Propos do ze maachen. Well hei ass net nëmmen de finanziellen Aspekt, also de Käsch-tepunkt, ee Punkt, mä virun allem och de fa-milljepolitesche Volet an natierlech dee vun der Égalité des chances, deen, wann een dat à long terme kuckt, natierlech och vill Positives ka bréngen.

Mir bleift domat just ze soen, datt d'LSAP dëse Projet wäert stëmmen. An ech profitéieren na-tierlech och vun der Geleeënheet, fir dem Rapporteur, dem Paul-Henri Meyers, villmools



Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Dall'Agnol. D'Wuert kritt elo d'Madame Josée Lorsché. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, grad ewéi 1999 bei der Aféierung vum Congé parental geet et och haut bei senger Verbesserung dréms eng europäesch Direktiv zugonschte vu berufstätegen Elteren ëmzesetzen, wann och mat enger Verspéidung vun iwwer engem Joer. Dem Här Paul-Henri Meyers wéilt ech onofhängeg vun deem Retard villmools Merci soe fir säin explizitte Rapport. Ech denken net, datt de Retard un him hänkeblivwen ass.

Trotz senger limitéierter Envergure bitt dëse Projet d'Geleeënheet, sech e weéng méi genee mam familljepoliteschen an ekonomeschen Impakt vum Congé parental ausereneezesetzen, quitte datt keen offizielle Bilan vun alle Moossnamen an deem Beräich virläit.

De Statistiken no profitéiere säit 1999 ëmmer méi Eltere vun där Moosnam, en Zeechen, datt se gräift an eng wäertvoll Hëllef ass, fir Beruff a Famill mateneen ze verbannen. Datt d'Männer, wéi d'Claudia Dall'Agnol et och gesot huet, trotz enger positiver Tendenz no uewen, nach ëmmer zréckhalend sinn an nëmme 24% vum Total ausmaachen, läit an der Logik vum traditionelle Rollenverständnis, wat, wéi et schéngt, an eisem Land nach net um wackelen ass, anerersäits awer och um sougenannten „Karriereknick“, virun allem bei Männer, déi fäerten, si géifen doduerch ni méi an déi Carrière kommen, déi se virdrun haten.

Léif Kolleginnen a Kollegen, der Flexibilität vun der Aarbechtszäit dierften u sech keng Grenze gesat sinn, weder no engem Congé parental nach allgemeng, jiddefalls net, soulaang wéi d'Patronen an d'Salariée sech eens sinn. Eens gi se sech awer nëmme selten, well d'Interesse vun deenen engen an d'Interesse vun deenen aneren oft openeestoussen an zu Konflikter féieren.

Op där enger Säit huet den Employeur Interessi drun, d'Aarbechtszäit an de Rhythmus vum Personal iwwer e gewëssenen Zäitraum ze plangen, mat engem strukturierten Organigramm, mat de richtege Kompetenzen op der richteger Plaz. Eng Navigation à vue erweist sech schnell als kontraproduktiv, souwuel an engem Betrib wéi och an enger Verwaltung.

Op där anerer Säit ass et an eiser Gesellschaft awer wichteg, datt d'Mënschen an der Famill Verantwortung iwwerhuele kënnen, ouni hir berufflech Zukunft mussen op d'Spill ze setzen. Opgrond vu festgefruerenen Aarbechtszäiten, héijem Leeschtungsdruck, schlechten Aarbechtskonditiounen an engem evidente Mangel un héichwäertge Betreiuungsstrukturen ass dat awer net ëmmer esou einfach.

D'Haaptmotiv vun dësem Projet de loi besteet jo dann och doran, d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff ze verbesseren dee Moment, wou de Congé parental zu Enn ass a wou de Retour an d'Beruffsliewen eng grouss Ëmstellung bedeit. Mam Accord-cadre, deen déi europäesch Sozialpartner am Joer 2009 ausgehandelt hunn, kritt all Salarie um Enn vu sengem Congé parental d'Recht op e Gespréich mat sengem Employeur, fir eng Flexibiliséierung vu senger Aarbechtszäit unzefroen. Allerdéngs brauch där Demande, jee nom Gutdünke vum Employeur, net Rechnung gedroen ze ginn.

Datt d'Chambre des Métiers, mat engem net onbekannte Promoteur un der Spëtzt, sech dësem europäeschen Accord net opposéiert, ass logesch a ganz am Sënn vun hire Memberen. D'Chambre des Métiers begréisst souguer a schätzt sech glécklech, datt d'Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit zugonschte vun den Elteren net un iergendeng Obligatioun gebonnen ass, sief et emol net fir e Joer.

Deem entgéint weist d'Chambre des Salariés zu Recht drop hin, datt d'Gespréicher mam Patron nach ëmmer méiglech waren, mat der berechtigter Kritik, datt d'Direktiv, esou wéi Lëtzebuerg se ëmsetzt, d'Situatioun net wäert verbesseren. Well de Refus net an engem festgeluechten Delai muss motivéiert ginn, riskéiert de Salarie ganz einfach, ouni Äntwert am Ree stoen ze bleiwen, esou laang, bis déi maximal Dauer vun engem Joer eriwuer ass. D'Kritik vun der Chambre des Salariés ass dowéinst méi wéi berechtigt! An awer gesi mir an dësem Projet de loi eng Chance, déi an auslänneschen, virun allem an däitsche Betriber längst erkannt ginn ass.

D'Entwécklung vu Léisungen oder zumindest vu Kompromësser ass schliesslech nëmme

méiglech, wa matenee geschwat gëtt. Gespréicher kënnen zu méi Vertrauen an zu méi Verständnis féieren, kënnen motivéieren an eenzel Problemer schonn an hirem Kär verhënnern. An deem Sënn dréit all Gespréich, wann et an enger positiver Approche gefouert gëtt, zum Wuelbefannen op der Aarbecht bäi, ass e wichtige Facteur an der ganz aktueller Diskussioun ronderëm de Bien-être au travail.

Bedauerlech ass an deem Kontext, datt d'Gespréich laut Gesetz just mat engem Usprichpartner aus der Chefetage soll stattfannen, während d'Mataarbechter ausgeschloss sinn. Mir sinn iwwerzeegt, datt de Prozess vun der Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit méi reibungslos kéint oflafen, wann d'Personaldelegatiounen géifen an esou e Gespréich involvéiert ginn.

An deem Sënn hätte mir eis gewënscht, datt net nëmme déi minimal Basisnorme vun der Direktiv géifen ëmgesat ginn, mä datt méi favorabel Normen adoptéiert géife ginn, och fir d'Eltere vu behënnernten oder erkrankte Kanner. Dat wier net nëmme an Interessi vum Aarbechtsklima a vum Wuelbefannen am Betrib, mä och am Interessi vun eiser Ekonomie an de Verwaltungen. Fir déi gëtt et nämlech ëmmer méi wichteg, individuell Aarbechtsmodeller fir jonk Elteren auszeschaffen, fir de Verloscht un héich qualifiziertem Personal a Grenzen ze halen. Sou Modeller verhënnern an éischter Linn...

► **M. le Président.**- Madame Lorsché, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Här President, ech si bal um Schluss. Déi Modeller verhënnern an éischter Linn, datt vill Fraen, oft héich qualifizéiert Fraen, de Beruff jorelaang un den Nol hängen an den Uschloss duerno verpassen. An deem Sënn ass et souwuel fir d'Betriber wéi och fir d'Verwaltungen liewenswichtig, d'Zeeche vun der Zäit ze erkennen an op Familljefrëndlechkeet ze setzen.

Dat gesot, gi mir eis Zoustëmmung zu dësem Projet de loi an der Hoffnung, datt d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff heimat e Stéck weiderkënn, wann och just e Millimeter.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Lorsché. Als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och d'ADR schléisst sech ganz gär dem Merci un de Rapporteur u fir säin Exposé. Mir hunn hei just zwou grondsätzlech Bemierkungen ze maachen.

Wéi och anerer et virdru gesot hunn, an och wéi d'Präsenz vun eisem neie Familljeminister, deem mer och ganz gär gratuléiere fir déi nei Funktioun, wéi déi et och beweist, ass dat hei eng kloer familljepolitesch Moosnam. A fir eis ass dat eng national Kompetenz. Mir froen eis, ob dat do wierklech muss de ganzen europäeschen Apparat un d'Rulle bréngen, fir hei u sech eppes ëmzesetzen, wat sech am grouse Ganzen op d'Recht op e Gespréich résuméiert an op ee Mount net rémunéiert méi. Dat ass eng Disproportiou. Also an eisen Ae soll dat do eng national Kompetenz sinn.

Dat Zweet, wat ee muss soen, dat ass, datt och de Stat muss léieren, datt e sech aus verschiddene Saache soll eraushalen. A wou de Stat sech soll eraushalen, ass un éischter Plaz d'Privatsphär vun de Leit an d'Familljeliwien. Et ass eiser Iwwerzeegung no eng Saach vun all Famill, fir ze decidéieren, wie wéi eng Roll - fir dat Wuert ze gebrauchen - soll spillen, wie sech soll ëm d'Erzéiung vun de Kanner këmmern.

Mir solle Rahmebedingunge schafen als Stat, déi e Congé parental erméiglechen, an d'Gesatioun vun de Familljen de Familljen iwwerloosen. Well mir trauen hinnen. Mir mengen, datt d'Mammen an d'Pappe ganz gutt capabel sinn, eleng ze decidéieren, wéi se sech ëm hir Kanner wëlle këmmern.

Dat gesot, Här President, wéi gesot, mir stëmmen dat Gesetz gär mat, awer mat deenen zwou Bemierkungen, déi ech gemaach hunn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. An als leschte Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*Onofhängeg*).- Merci, Här President. Ech mengen, hei hu mer e positiviit Gesetz, an ech wollt och dem Rapporteur Merci soe fir säi ganz detailléierte Bericht. Mä ech wëll awer och drop hiweisen, datt mer am Ausland licht aner Bestëmmungen hunn, wat d'Demande ugeet an d'Form. An de Rapporteur hat dat schonn ervirgestrach, datt zum Beispill a Belgien ee muss eng Demande duerch recommandéierte Brëif un de Patron eraginn, dräi Woche virdrun, an de Pa-

tron muss dann aacht Deeg, ier de Congé parental, deen éischte Congé parental, eriwuer ass, äntwerten, an dat motivéiert.

Doduerjer, datt mer elo keng Délaien a keng Formen agesat hunn, muss een hoffen, datt de Patron hei guttwëlleg ass, fir mam Salarie oder mat der Salarie ze schwätzen, an datt een dann zu engem Accord kënn. Wann de Patron elo schlechte Wëllens ass, da seet en einfach, en hätt keng Demande krut, an da brauch en och keng Äntwert ze ginn an da kann et och net op d'Gericht goen.

Dofir wier et ubruecht, datt d'Salariée, déi mengen, datt hire Patron net mat hire Propositionen d'accord wier, deene wier unzeroden, datt se sollten e recommandéierte Brëif ersonschécken an engem gewëssenen Delai, fir de Patron dann ze obligéieren, dann och schrëftlech ze äntwerten. Ech mengen, dat ass - hoffentlech -, an den allerwéinegste Fäll misst dat de Fall sinn. Mä et ass awer gutt, datt een dat als Rot zréckbehält, well soss kéint et déi eng oder déi aner geriichtlech Ongerechtegkeete ginn.

Dat gesot, mengen ech, ass dat heiten awer e ganz gudder Projet de loi.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. An d'Wuert kritt elo deen neie Familljeminister, den Här Marc Spautz.

► **M. Marc Spautz**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'Éischt wollt ech lech Merci soe fir déi léif Wieder, déi Der am Ufank vun der Sitzung u meng Adress gericht hutt, an ech wäert och mäi Bescht maachen, esou getrei deene Virstellungen, déi Dir expriméiert hutt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischte e grouse Merci un de Paul-Henri Meyers, de Rapporteur vun dësem Gesetz, fir säin exzellente schrëftlechen an och mëndleche Bericht. Duerch d'PAN-Gesetz vun 1999, wat komm ass no der Tripartite vun 1998, ass de Congé parental an d'Liewe geruff ginn op Basis vun enger europäescher Direktiv. Mä et war, wéi et scho vu verschiddene Kollege gesot ginn ass, déi Zäit gekuckt ginn als eng aarbechtspolitesch Moosnam, déi kéint mat dozou féieren, dass nom Congé parental plus de Congé de maternité bei eelef Méint dat och géif dozou bäidroen, dass mer um Aarbechtsmaart zousätzlech Plaze géife schafen.

Et dierf een net vergiessen, dass mer - déi Zäit war et scho schlëmm, zwar nach net an den absolute Chifferen esou schlëmm wéi haut -, dass mer alles probéiert hunn, fir ze kucken, och deemools, Leit a Beschäftegung ze kréien, an dass dat eng zousätzlech Moosnam gewiescht wier.

En zweete Punkt war deen, an deen ass ënnerstrach gi souwuel vum Eugène Berger wéi och vum Claudia Dall'Agnol, fir d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruffsliewen e bësse méi nozebréngen, dass et och wichteg war, dass een trotz der Erzéiung vun de Kanner d'Méiglechkeet sollt kréien, sech ëm si ze bekëmmern an och gläichzäiteg erëm eng Chance ze hunn, an d'Beruffsliewen zréckzekommen.

An den drëtten Volet deemools war, an dat ass ënnerstrach gi vun der Madame Lorsché a vum Här Kartheiser a vum Här Henckes, dat war, dass et sollt Chancëgläichheet sinn, dass ee jiddwerengem konnt d'Méiglechkeet ginn, dee Wee ze decidéieren, deen e wollt maachen, an dass et och Chancëgläichheet wier tëschent de Männer an de Fraen. Sou wäit war also d'Iddi vum Gesetz vun 1999.

A wann een dann och kuckt, wéi d'Entwécklung war... Et war gefrot ginn, den Här Berger huet gesot, fir eng Analys ze maachen. Also ech scheien dat net, dass mer dat eng kéier sollen an der Kommissioun - wann den Här Schaaf als President domadder averstanen ass, dass mer eng kéier doriwwer diskutéieren - am Detail kucken, fir dat ze maachen.

Mä awer e puer Chifferen och elo schonn: 1999 waren et 1.323 Fraen, déi deen éischte Congé parental geholl hunn, 2012 waren et der 2.879, déi direkt no der Gebuert vum Kand drop zréckgegraff hunn. Wann een och do gesäit, dass et praktesch eng Verduebelung ass, esou ass d'Zuel awer bei de Männer ganz frappant aneschtens ginn. Esou waren et 1999 30 Männer, déi op den zweeten Congé parental zréckgegraff hunn, haut sinn et der 826, wat also massiv an d'Luucht gaangen ass. Dass do nach ëmmer vill ze maachen ass, dat ass och vu verschiddene Riedner ënnerstrach ginn. Ech mengen, dat ass kloer. Dat solle mer och maachen. Mä dofir solle mer dann esou eng Diskussioun roueg féieren.

Wat awer elo de Projet de loi 6467 ubelaangt, dee Projet, deen elo haut virläit, dat ass d'Ëmsetzung vun der Direktiv 2010/18/UE, an do muss ech awer drun erënneren - hei ass et d'Kritik ginn, datt hätt vill ze vill laang gedauert bei der Ëmsetzung -, ech muss awer do dann

den Historique maachen: Et sinn nämlech d'Sozialpartner, d'Sozialpartner...

(*Interruption*)

Neen, et sinn awer d'Sozialpartner, déi sech dorëm sollte bekëmmern. An et ass och deemools gekuckt gi beim CES, den 18. Januar 2011 huet den CES den Optrag kritt gehat, dat ze maachen. Do waren awer verschidde Schwierigkeeten, an dofir huet de Familljeministère den 8. Dezember 2011 un den Ausseminister geschriwwen, deen och eng Extensionskritt huet fir d'Ëmsetzung vun der Direktiv fir an den éischte Quartal 2013, an iwwert deem si mer elo 14 Deeg eraus (veuillez lire: sechs Wochen eraus), wou mer den Delai gehat hätten, fir dat ëmzesetzen. Sou dass, wa mer och an absolute Chifferen..., dass mer eis awer un d'Prozedur gehalen hunn, dass mer fir d'Éischt mat de Sozialpartner geschwat hunn, dass et duerno de Conseil Économique et Social war, deen den Optrag kritt huet, an dass och duerno d'Verlängerung ugefrot ginn ass, fir dat kënnen ëmzesetzen.

Beim Projet muss een awer och hei ënnersträichen, dass duerno en Aarbechtsgrupp stattfont huet tëschent dem Familljeministère, dem Aarbechtsministère, dem Innenministère an dem Minister vun der Fonction publique, fir dee Projet ze iwwerschaffen an dann och op den Instanzewee ze ginn, betreffend all déi eenzel Ännerungen, déi et gi sinn, nodeems festgestallt gi war, dass mer op deem anere Wee net séier genuch virukomm sinn.

Mat deem neien Accord-cadre, an de Paul-Henri Meyers huet et ënnerstrach, gi mer erop vun dräi op véier Méint. U sech ännert sech fir hei zu Lëtzebuerg näischt, well mer dach mat deene sechs Méint Remboursement jo vill méi wäit sinn, wéi d'Direktiv virgesäit, sou dass mer just bei deene Leit, déi op de Congé sans solde géifen zréckgräifen, d'Méiglechkeet hunn, och elo vun dräi op véier Méint an d'Luucht ze goen.

Fir de Rescht, wëll ech soen, sinn ech frou iwwert déi grouss Zoustëmmung, déi de Projet hei an dësem Sall fënn, well et ebe wichteg ass. Och de Fernand Kartheiser huet gesot: „Ét ass eng national Kompetenz.“ Mä och d'Basis vun der Aféierung vum Congé parental 1999 ass op en europäesche Kader zréckgaangen, an et war en Accord, deen deemools tëschent den europäesche Sozialpartner fonnt ginn ass, dofir och elo dës Ëmännerung am europäesche Kader. Mä, wéi gesot, d'Regierung huet kee Problem, fir zesumme mat der zoustänneger Chamberskommissioun eng kéier den Detail ze maachen a fir dann och ze kucken, wat mer nach alles bei deene jeeeweilege Punkte kënnen änneren. Ech sot...

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Här President, ech wollt...

► **M. le Président.**- Den Här Berger wëllt lech eng Fro stellen. Här Berger, da fuert lass.

► **M. Eugène Berger** (*DP*).- Här President, ech wëllt soen, dass ech begrëissen, dass den neie Familljeminister prett ass, fir eng kéier e Bilan an der Kommissioun, an der Familljekommissioun ze maachen. Ech wëllt hie just froen: Wier hien eventuell och prett - well den Aarbechtsminister net hei ass a well awer och, wéi ech dat virdru gesot hat, eigentlech au départ och aarbechtspolitesch Mesuren domadder eigentlech am Hannerkapp waren -, dass ee vläicht, ech weess net, an enger Commission jointe oder op alle Fall och, wann een de Bilan mécht, do och eng kéier den Aarbechtsminister derbäi hätt respektiv mat där Kommissioun dat kéint zesumme maachen? Dofir einfach d'Fro, fir dat matzehuele bei de Kolleg.

Merci.

► **M. Marc Spautz**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Merci, Här Berger. Ech sinn dovun iwwerzeegt - de President vun der Kommissioun vum Travail huet dat och elo matkritt, den Här Lux -, ech mengen, och do ass kee Problem, fir sech eng kéier op deenen zwee Voleten zesummenzesetzen. Mä ech ka mech nëmme fir dat engagéieren, fir wat ech zoustänneg sinn, an dofir hat ech déi Proposition gemaach mat der Famill.

Mä op alle Fall der Chamber villmools Merci fir dës grouss Zoustëmmung. Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Familljeminister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6467 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile



Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6503 iwwert de SCRIPT. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Scholtes, den Här Berger, den Här Adam, den Här Kartheiser an den Här Colombero.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Fernand Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

11. 6503 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet

a) la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques;

b) la création d'un Centre de Technologie de l'Éducation;

c) l'institution d'un Conseil scientifique;

2) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Fernand Diederich** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Madamë Minister, Här Minister, de Projet de loi, deen eis hei virläit, ass den 23. November 2012 vun der Madame Minister vun der Éducation nationale déposéiert ginn. De Statsrot souwéi d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hunn hiren Avis dozou ofginn. Nodeem déi zoustänneg Chamberskommissioun de Gesetzprojet am Detail examinéiert hat, huet se eng Rei parlamentaresch Amendementen ugehall, déi Objet ware vum Avis complémentaire vum Statsrot, deen an der Sëtzung vum 18. Abrëll 2013 analyséiert gouf, wou och dësse Projet de rapport ugehall gouf.

Bis elo waren zwee Servicer vum Ministère vun der Éducation nationale an der Ëmsetzung vun der elektronischer Gouvernance implizéiert: Éischens, de Centre de Technologie de l'Éducation, ofgekierzt CTE, deen niewent der Schafung vum Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques, besser bekannt als SCRIPT, souwéi der Kreatioun vun engem Conseil scientifique duerch dat modifizéiert Gesetz vum 7. Oktober 1993 geschafe gouf, an zweetens, de Service informatique vum Ministère, deen an den 80er Jore geschafe ginn ass an deemools Service informatique de gestion et d'études statistiques geheescht huet. Hir Missioun ware complémentaire, hu sech awer och munchmol iwwerschnidden.

D'Existenz vun zwou parallele Strukturen huet déi néideg global an transversal Approche vun allen informatéschen Dossiere souwéi d'Aus-schaffung vun enger gemeinsamer Strategie erschweiert. Déi rasant Entwécklung vun den Technologien an der Informatioun souwéi an der Kommunikatioun verlaangt eng kohärent Struktur. Dësse Gesetzesprojet schafft eng nei Verwaltung mam Numm „Centre de Gestion Informatique de l'Éducation“, ofgekierzt CGIE, duerch d'Fusioun vun deenen zwee bestehende Servicer.

Déi nei Struktur soll d'Prozedure souwéi d'Notzung vun den informatésche Ressourcë verbessern, mam Zil, eng méi effikass Ges-

toun vun der Informatik ze garantéiere souwéi den Erwaardunge vun internen an externe Benotzer besser ze entspriechen. Dank dëser eenzeger Struktur gëtt den Zougang zu de Leeschtungen erliichtert an déi jährléich Exploitationungskäschte kënnen reduzéiert ginn.

Laut Artikel 5 gëtt den Artikel 11 vum Gesetz vum 1993 remplacéiert. Hei ginn d'Missioun vum Centre festgeluecht, ënner anerem a) d'Konzeptioun, d'Entwécklung an d'Exploitation vun informatéschen Applikatiounen, b) d'Berodung vum Conseil an déi technesch Hëllef bei Uschafungen, Installatiounen a bei der Maintenance, c) d'Gestioun vun den Donnéeën vun de Schüler, dem Personal an der Verwaltung vun der Éducation nationale, d) d'Sécherheet vun der Informatik an de Schutz vun den Donnéeën à caractère personnel, e) d'Relatione mat Lëtzebuerger oder auslännesche Servicer mat ähnleche Missiounen.

De Centre begräift zwou Divisiounen: eng Divisioun „Études et développements“ an eng zweet Divisioun „Informatique distribuée et support“, deenen hir Missiounen am Artikel 7 genau définéiert sinn. Bei der Ausféierung vun dëse Missiounen engagéiert sech de Centre d'Qualitéit an d'Sécherheetsnormen ze respektéieren, wéi se vum Centre des technologies de l'information de l'État festgeluecht sinn. Déi informatésch Uwendungen souwéi aner Medien, déi de Centre entwéckelt, sinn d'Propriétéit vum Stat am Sënn vum Gesetz vum 18. Abrëll 2001 iwwert d'Droits d'auteur an d'Bases de données.

De Centre gëtt vun engem Direkter geleet, deen de Pouvoir hiérarchique iwwert d'gesamt Personal huet an de Centre bei nationalen an internationalen Autoritéiten vertritt. Hie gëtt bestëmmt ënnert de Fonctionnaires aus der Carrière supérieure, déi mindestens fënnf Joer mussen am Statsdéngscht sinn.

Laut dem neien Artikel 23bis kritt de Centre ee Comité de gouvernance informatique mat ënner anerem folgende Missiounen: säin Avis ofzeginn zu de Froen, déi him vun dem Minister ënnerbreet ginn; dem Minister och aus eegener Initiativ Virschléi a Suggestiounen ze maachen iwwer Moosnamen, déi ze huele sinn; dem Minister e jährléichen Aktiounsprogramm fir d'informatésch Gestioun ze ënnerbreeden.

De Comité setzt sech aus sechs Memberen zesummen, déi duerch hir Kompetenz an engem oder méi Domäne vun de Missiounen unerkannt sinn. D'Membere souwéi de President vum Comité gi vum Minister fir eng Dauer vu sechs Joer genannt, déi renouvelabel ass.

(Mme Lydia Mutsch prend la présidence.)

Den Artikel 16 nouveau gesäit vir, de Personal-kader vum Centre ze erweideren duerch Fonctionnaires aus der Carrière vum Chargé d'études - informaticien, déi bis elo net virgesi waren. D'Ustellungs- wéi d'Nominatiounskonditiounen vun dëse Fonctionnaire souwéi vun deenen aus der Carrière vum Informaticien diplômé an och vum Expéditionnaire informaticien sinn déiselwecht wéi déi vun de Fonctionnaires aus deeneselwechte Carrière beim Centre des technologies de l'information de l'État.

D'Artikelen 20, 21, 22 enthalten déi noutwendeg Iwwergangsbestëmmungen. Fir weider Detailer verweisen ech dann op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, datt dës Restrukturéierung méi eng effizient Aarbechtsweis erlaabt an datt déi zoustänneg Servicer fir d'Zukunft wäerten optimal organiséiert sinn, fir sech deene villfältigen a komplexen Défien ze stellen, déi op all Ministèren an och Verwaltungen wäerten duerkommen.

An deem Sënn ginn ech den Accord vu menger Fraktioun an ech soenlech och Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Villmools Merci. Mir géifen dann zum nächsten agedroene Riedner kommen, an dat ass déi honorabel Madame Scholtes.

Discussion générale

► **Mme Tessa Scholtes** (CSV).- Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dem Rapporteur vum Projet de loi, dem honorabelen Här Fernand Diederich, soen ech Merci fir säi gudden mëndlechen a schrëftlechen Rapport.

TIC op Franséisch oder ICT op Englesch si Begrëffer, déi net méi aus eisem Alldag ewechzedenke sinn. Et sinn d'Ofkierzung fir d'Informations- a Kommunikatiounstechnologien, also alles, wat mat Internet, IP-Netzwierker, awer och Radio, Fernseh, Handy, Hard- a Software fir de Computer a Satellitesystemer ze dinne huet. Sait den 90er Joren huet sech dësen Domän ganz schnell weiterentwéckelt an et ass nach keen Enn a Siicht.

All Betrib oder Administratioun funktionéiert hautdesdaags mat informatésche Systemer, fir seng Gestioun ze koordinéieren. Och am Enseignement sinn dës Outilen net méi ewechzedenken. Den „Fichier élèves“ am Secondaire oder den „Scolaria“ an der Grondschoul, fir d'Noten anzedroen, den „WebUntis“, fir den Enseignanten hire Stonneplang ze gëreieren, den teleinformatésche Réseau „Restena“, deen d'Gesamtheit vun den Éducatiouns- a Rechercheinstitutione matenee verbënnt, de Portail „myschool“, eng Plattform, fir pädagogesch Outilen auszetauschen, an nach anerer méi gehéiere souwuel fir d'Schüler wéi och fir d'Enseignanten, d'Direkteren, d'Éducateuren an d'Elteren zu de Mëttelen, mat deene si all Dag schaffen.

Mä och um pädagogesche Plang ginn d'Informations- an d'Kommunikationstechnologien ëmmer méi wichteg. Ebe grad, well kee Wee méi laanscht se féiert, heescht dat, dass eis Kanner och an der Schoul dorobber virbereet gi mussen. Esou kann een déi nei Technologien notzen, fir an der Schoul ze schaffen, well et gëtt vill flott Programmer, fir mam Computer ze léieren. Des Weidere gëtt et interaktiv Tafelen. A verschidde Schoulen hunn an all Klass Laptopen zur Verfügung. Si mussen just genotzt ginn. An hei hänkt et vill vum Enseignant of, ob hien op ass, fir mat senger Schüler an déi Richtung ze goen. De SCRIPT bitt iwwerengs Weiterbildung an dës Beräicher fir déi interesséiert Enseignanten un.

De Projet de loi, iwwert dee mir haut ofstëmmen, behandelt awer net de pädagogesche Volet. Mä hei gëtt de Centre de Technologie de l'Éducation, de CTE, mam Service informatique vum Éducatiounsministère zesummegeluecht an engem neie Service, dem Centre de Gestion Informatique de l'Éducation, CGIE, esou dass dësse just den technologesche Volet beinhalt, während de pädagogesche Volet eriwuer an de SCRIPT geholl gëtt.

D'CSV begreift dës Gesetz, well et zur Simplification administrative bäidreit an ee méi effizient Schaffe bedeit. Ausserdeem ginn duerch d'Zesummeleeë vun deenen zwee Servicer d'Fonctionnementskäschten erof, wat an den heitegen Zäite sécherlech net vu Muttwëll ass. Mir sinn och frou, dass d'Personal mat deeneselwechten Aarbechtskonditiounen iwwerholl gëtt an ebe just an engem anere Service schafft.

Madame Presidentin, konkret muss de CGIE d'Viraussetzung schaffen, fir dass d'Schaffe mat de verschiddenen Technologien eenheetlech a fir all concernéiert Acteuren einfach accessibel ass. Hie setzt also de Kader, fir dass de SCRIPT innovativ Projeten entwéckele kann, déi zu engem moderne Schoulhale bäidroen. D'Trennung vum CGIE a vum SCRIPT ass richtig, mä well et zwou complémentaire Strukturen sinn, sollten eiser Meinung no déi zwee Servicer trotzdem vernetzt bleiwen, well se sech bei deene villen Décisiounen ergänzen an ofschwätze mussen, fir dass d'Resultat eng richtig Plus-value fir jiddwereen duerstellt.

Den nei forméierte Centre de Gestion Informatique de l'Éducation ass ausschliesslech fir technologesch Outilen verantwortlech. D'Kompetenzen an d'Missioun vum dësem Service ginn am Projet genee ëmraass.

Wat de pädagogesche Volet ubelaangt, hu mir de SCRIPT, dee kompetent ass. Interessant wier et, fir sech eng Kéier méi am Detail mam Zoustännegkeetsberäich vum SCRIPT, wat d'Entwécklung vu pädagogesche Materialien an hire Suivi ubelaangt, ze beschäftegen: Wat si prezis d'Missioun vum SCRIPT an dëser Hisiicht? Wéi gesäit dem SCRIPT seng Zesummenaarbecht mat besteende Lëtzebuerger Strukturen aus, déi an dësem Beräich mat ville Gemenge schaffen? An a wéi engem Mooss gräift de SCRIPT hei och op Experienzen aus dem Ausland zréck?

Dat gesot, Madame Presidentin, Kolleeginnen a Kolleegen, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Merci. Mir géifen da weiderfuere mam nächsten agedroene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Berger.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Madame Presidentin. Ech wäert ganz kuerz sinn. Ech wëllt och dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport. Ech mengen, hei geet et jo virun allem drëm, datt déi elektronesch Gestioun soll verbessert ginn, rationaliséiert ginn. An där Hisiicht kënnen mer dat begreissen.

Et géif elo natierlech wäit féieren, wann een iwwert déi ganz Informatik schwätzt. Mir hate jo rezent och dee Projet iwwert d'Schülerdatebank mat deem Volet, deen ech awer elo net wëll hei uschwätzen.

Ech géif just mengen, datt op där enger Säit hei natierlech als éischt d'Gestioun vun der

ganzer Informatik am Vierdergrond steet, mä awer och drun erënneren, datt hei - an de Rapporteur huet et gesot - och vu Gouvernance Rieds geet, datt een also och do eng Rei Erwaardungen vläicht huet, datt do awer Inpute kommen och fir de pädagogeschen Alldag respektiv fir méi eng rationell oder eng besser Gestioun vun enger ganzer Rei Problematiken an der Schoul, datt een déi hei awer och kann eventuell an Zukunft erwaarden.

Dat gesot, ginn ech den Accord och vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

Merci.

► **Mme la Présidente.**- Merci. Mir fuere da weider mam honorabelen Här Adam.

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Merci, Madame Presidentin. Mat dem Projet de loi vun haut schafe mer also aus zwee Servicer, déi historesch gewuess sinn, engersäits de Service informatique vum Ministère de l'Éducation nationale, deen an den 80er Joren entstanden ass, an de Centre de Technologie de l'Éducation, deen 1993 geschafe ginn ass, een eenzege Service, deen dann och den neien Numm huet: Centre de Gestion Informatique de l'Éducation.

Dat ass jo am Prinzip eng gutt Saach. Och wann déi zwee Servicer verschidde Missiounen haten als Ausgangsbasis, dann ass et awer kloer, datt hir Missioun sech deelweis iwwerschnidden huet. An duerfir mécht dat scho Sënn, fir déi zwee Servicer zesummenzeleeën. An ech liesen dann och aus dem Rapport, do steet: «Grâce à cette structure unique, l'accès aux prestations sera facilité et les coûts annuels d'exploitation diminués.» Ben, ob déi Käscht sollen erofgoen, do sinn ech - ech gesinn, och d'Madame Minister - ganz vrsiichteg an där Aschätzung. Well mir wëssen alleguerten, datt d'Informations- a Kommunikatiounstechnologien d'Tendenz hunn, sech ëmmer méi breetzemaachen. Ob mer dann do Sue spueren, dat wäerte mer gesinn. Trotzdem, och an eisen Ae mécht et Sënn, déi zwee Servicer zesummenzeleeën.

An et bleift mer eigentlech nach just, op zwee Aspekter an där Matière hei hinzewiesen.

Dat eent ass: Mat all deene Méiglechkeeten, déi mer duerch déi nei Kommunikatiounsmoyenen hunn, bleift d'Protektioun vun de perséinlechen Donnéeën eng ganz wichteg Aufgab. An ech hoffen och, datt déi nei Struktur sech däreer bewosst ass. Mir hu jo duerch d'Gesetz vum 18. Mäerz 2013 iwwert den Traitement vun den Donnéeën à caractère personnel concernant les élèves eng gutt legislativ Basis gemaach, fir eben déi Donnéeën ze schützen an och op eng transparent Aart a Weis ze gëreieren.

An eng zweet Saach, wou ech wollt drop hiweisen: Et mécht och an Zukunft nach ëmmer Sënn - an dat war mat eng Ursaach, firwat datt mir als Gréng och dat Gesetz ënnerstëtzt hunn -, fir weider Donnéeën zesummenzedroen. Et bleiwen nach vill wäiss Flecken an der Lëtzebuerger Landschaft.

Op ee Punkt huet och d'Délégation nationale vun de Professerer higewisen: Wa mer wëlle Reforme maachen an der Schoul, da brauche mer fiabel Donnéeën, vun deene mer ausginn. An déi hu mer net op alle Gebidder. Zum Beispill iwwer eise Multilinguisme zu Lëtzebuerg feelt eis nach viles. Deen ass nach bal net ënnersicht ginn. A mir hunn och relativ weinige Donnéeën, déi eis soen, firwat an a wéi eng Richtung da genau datt mer mussen reforméieren.

Duerfir, wann ee wëllt d'Schoul reforméieren, da brauch een eng intelligent Aart a Weis an eng dauerhaft Aart a Weis, fir Daten ze sammeln. A selbstverständlech mussen déi Daten och sécher gesammelt ginn.

Mir bleift nach just, dem Rapporteur Merci ze soe fir seng Aarbecht. Ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz.

An ech erlabe mer dann awer bei aller Freed un der digitaler Entwécklung, och drun ze erënneren, datt et och kritesch Stëmme gëtt. Esou gëtt et zum Beispill de Manfred Spitzer, deen e Buch geschriwwen huet: „Digitale Demenz“. Un esou eppes soll ee sech och trotzdem erënneren, net datt mer vu lauter Begeeschterung mengen, mir missten och eis Kanner digital iwwerrüsten.

An deem Sënn soen echlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Jo, Merci. Den nächsten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.